N°3353
Entrée le 17.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.12.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung weiderzeleeden.

Um Dënschdeg Mëtteg ass beim Authentifizéierungsdéngscht LuxTrust eng Pann opgetrueden, déi mat enger „technescher Stéierung" begrënnt gouf. Bis elo ass de Service nach ëmmer net disponibel - an dat zënter 18 Stonnen. Aktuell hunn d'Leit deemno keen Zougrëff op hir Konten oder op MyGuichet. Gläichzäiteg si vill Verwaltungen op d'Authentifizéierung iwwer LuxTrust ugewisen a kënnen dës Méiglechkeet de Moment och net notzen. An de Medien ass ze liesen, datt d'Ursaach vun der Stéierung mëttlerweil identifizéiert gi wier.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéi kann et sinn, dass sech dës Stéirung scho sou laang zitt obwuel d'Ursaach bekannt ass?
- Wat ass déi genau Ursaach vun dëser Stéierung?
- Wat gedenkt d'Regierung ze maachen fir sou eppes an Zukunft ze verhënneren?
- Misst de „Monopolstatus" vu LuxTrust an dëse Momenter net hannerfrot ginn?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu